CM

200 ans

Altesses, Haer Chamberpraesident, Excellenzen, dir Dammen an dir Haeren Deputéirt, Madame Buergermeeschter, dir Dammen an dir Haeren Praesidenten, léif Kolleginnen a Kollegen, léif Frenn,

**« Le Collège médical est une institution vénérable, puisque sa création ou du moins ses origines remontent à 1818 »**




Am Numm vun dem gesamten Collège, sengen aktuell 25 Memberen a sengem Personal juridique an administratif, heeschen ech iech wellkomm a soen iech merci fir aert Kommen, fir zesummen déi 200 Joer vun der venerabler Institutioun ze feieren.

200 Joer Existenz, wellt dat vielleicht soen dass e Gremium vun Dokteren, Zänndokteren, Apdikter an och elo Psychotherapeuten, d’Zauberformel vun der Langliewegkét font huet ?—secher net wat dén eenzelnen Individuum ubelangt ! – awer déi 200 Joer beweisen wuel awer – ech hoffen dir sidd all d’accord – d’Wichtegkét an d’Noutwendegkét fun sou enger Institutioun , « l’utile et le nécessaire » fir Wierder ze gebrauchen, déi onser Sécurité Sociale jo sou léif sin.



Den 18.März 1818 huet den Roi Grand Duc Guillaume den Eischten an den hollänneschen Provenzen, sou och Letzebuerg, eng Commission médicale agesaat : « chargée de l’examen et de la surveillance de tout ce qui a rapport à l’art de guérir » Si hat e Koup vun Atributiounen déi zum Deel bis haut iwerliewt hun, ech zitéiren : iwer d’Autorisations d’exercer l’art de guérir mat ze entscheeden, d’Titren an d’Kompetenzen ze aviséiren, d’Gesondheetspolitik mat Rôt ze begleeden, a finalement och Disziplin un ze wenden an déi ze sanctionnéiren déi sech net brav beholl hun oder inkompétent waren.

Den 11. September 1818 gouf d’Kommissioun par arrêté royal nominéiert : 6 Docteurs en médecine an 1 Apothicaire, den Praesident war e gewessenen Jean-Baptiste Wurth, docteur en médecine, hir war genannt président à vie ! – dén Armen !

Politesch Evénementer déi zur Kréatioun vun der Belsch geféiert hun, mat Ofspalten vun enger Partie vum Territoire vun Letzebuerg, hun den 12. Oktober 1841 duerch en arrêté royal zu enger neier Organisatioun vum service médical geféiert, an do ass fir d'éischt den Numm **Collège médical** erschengen , mat awer praktesch gleichen Missiounen wéi virdrun d'Commission médicale, zesumme gesaat vun 4 Dokteren an 2 Apdikter - Zenndokteren sin démols - et deet mir leed ! – net méi als Dokteren ugesin gin, mé zu den Chirurgen geschloen gin , déi och net Docteur en médecine waren, par contre war en Vertrieder vun den Veterinären am Collège médical derbei.

Zum Trouscht vun onse Kollegen Änndokteren well ech awer soen dass si 1947 den Collège médical nés rejoignéiert hun an d'Veterinären 1945 hiren eegenen Ordre gegrennt hun.

D'Gesetz vum 6. Juli 1901 ass d'Basis vum Collège médical sou wéi hien och nach greistendeels haut fonctionnéiert mat sengen 3 Funktiounen : « consultative, administrative et disciplinaire »

Natirlech, vu l'évolution des choses, huet hien e puer vun segen Funktioune missten ofgin, wéi zB d'Inspection sanitaire vun den Kliniken, den Apdikten, den Liewensmettelen, den Campagnes vaccinales, spéider huet en och den Jury d'examen fir Medizinanwärter missen opgin.

Interessanterweis war den Collège médical och emmer enner der Tutelle vum Ministère de l'Intérieur, bis 1945 wou mir fir d'éischt e Ministère de la Santé kritt hun.

En huet och keng eegen Reim fir sech ze versammelen gehaat, en huet zum Deel am Palais de Justice getagt, deels am Laboratoire de biologie.




Eréischt 1964 huet Regierung him eegen Reim um **Boulevard de la Pétrusse** zur Verfügung gestallt, déi occupéiert goufen bis 2008, wou dun op den Lampertsbierg an **d'Avenue Victor Hugo** geplennert gin ass,




bis mir dann 2017 déi grouss Décisioun geholl hun mat eegenen Mettelen eegen Reim ze kaafen, an der **rue Albert 1er,**



Séance de travail hebdomadaire du Collège médical du mercredi, 13 septembre 2017
dans les nouveaux locaux

wou mir dann elo seit genee engem Joer, zu onser gréisster Zefriddenheet, ennerbruecht sin.

Den **aktuellen Collège médical** fonctionnéirt op der Basis vum Gesetz vum 8. Juni 1999, wou hien och den Statut de **personnalité civile** kritt huet , also eng gewess égen Autonomie,




a wou seng **Attributiounen** nach eng Kéier kloer definéirt gin sin :

-veiller à la sauvegarde de l'honneur, dignité, probité, compétence…

-veiller à l'observation des règles déontologiques..

-étudier toutes les questions relatives à l'art de guérir et de la santé…

-émettre un avis sur tous les projets de loi ou de règlements relatifs aux professions et aux hôpitaux..

E féiert en **Registre ordinal** an dén all Member vun den Professiounen sech muss aschreiwen an och eng Cotisatioun  muss bezuelen

- **Art. 19.** __**Le conseil de discipline**__ exerce le pouvoir de discipline sur toutes les personnes relevant de la présente loi pour:

1. violation des prescriptions légales, réglementaires et déontologiques concernant l'exercice de la profession;
2. fautes et négligences professionnelles graves;
3. faits contraires à l'honorabilité et à la dignité professionnelles;

le tout sans préjudice de l'action judiciaire et de l'action disciplinaire pr.vue par le statut général des fonctionnaires

de l'Etat et celui des fonctionnaires communaux pouvant na.tre des mmes faits.

L'action disciplinaire se prescrit par cinq ans . compter du jour où les faits ci-dessus visés se sont produits.

- **Art. 20.** (1) Les peines disciplinaires sont dans l'ordre de leur gravité:

1. l'avertissement;
2. la réprimande;
3. l'amende d'ordre de 5.001 à 100.000.- frs;
4. la subordination de l'exercice de la profession à des conditions déterminées;
5. la suspension du droit d'exercer la profession pour un terme qui ne peut être inferieur à quinze jours ni excéder cinq ans;
6. l'interdiction à vie d'exercer la profession.

- **Art. 21.** Le président du Collège médical instruit les affaires dont il est saisi soit par le procureur d'Etat, soit sur plainte ou dont il se saisit d'office. Il les défère au conseil de discipline, s'il estime que les faits rentrent dans une des hypothèses visées à l'article 19 ci-dessus.

Den **Pouvoir disciplinaire** ass an der Hand vun engem Conseil de discipline, présidéiert vun engem Magistrat, kurioserweis huet awer den Président vum Collège médical d'Funktioun vun engem Procureur an engem Juge d'instructioun an enger eenzeger Persoun..

En huet anzweschen **3 Code de déontologie médicale** erausbruecht (1991, 2005 an 2013) 1 Code de déontologie des Pharmaciens, 2011, an dén vun den Psychothérapeuten ass an der Maach.

Den Collège médical besteet aus **4 Sektiounen** : Dokteren, Zänndokteren, Apdikter an seit 2015 och Psychotherapeuten, insgesamt de Moment 25 Memberen déi sech 1 Mol an der Woch versammelen, ca 40 séances de travail am Joer.

Finalement, no langen Iwerléungen op én net soll 4 verschidden Ordres fir déi 4  verschidden Professions de santé machen , sin mir beim Konzept vun engem Collège bliwen, all am selwechtem Boot, mat engem fruchtbaren Austausch vun onsen Problemer an Léiren én vun dém aaneren .

Mir wenschen ons awer - a schaffen dorun - eng Gesetzesaennerung, vir ons Roll als « **Ordre** », am duebelen Senn vum Wuert, besser kennen ze assuméiren, mat enger verbesserter Autoritéit an der Regulatioun vun onsen Professiounen.

## Activités

- Entrevues d'entrée avec tous les nouveaux candidats aux professions et Contrôles linguistiques
- Avis concernant:
  - Autorisations définitives
  - Remplacements et stages
  - Pharmacies vacantes
  - Titres licites de formation et de fonction
  - Contrats d'association
- Gestion de plaintes (+/- 90/an)
- Médiation
- Instructions disciplinaires et saisies du Conseil de discipline
- Avis sur projets de règlements et de lois
- Edition Info-Point (bulletin bi-annuel)
- Rapport d'activités annuel

Seng Aktivitéiten sin vielfälteg ,sou wéi der hei opgelöscht gesidd.

Mir gesinn all d'Kandidaten fir d'Autorisation d'exercice vun dénen  4 Beruffer a mir machen **Sprochkontrollen.**

D'Gesetz geseit vir dass all Anwärter op eng Autorsiatioun d'exercer déi 3 offiziell Sprochen vum Land soll verstoen, an e muss sech kennen fléissend an enger vun dénen 3 Sprochen ausdrecken, seng Responsabilitéit ass engagéiert.

An an dem Kader vun dem Débat an onser Gesellschaft iwer  d'Letzebuerger Sproch als Sproch vun der Integratioun an onser Identitéit, hun ech geduecht ech sollt mam gudden Beispill virgoen an des Ried op letzebuergesch hâlen  - och wann et – an dat ass  de Probleem vun onser Sproch – secher méi einfach , oder soll ech soen facile, gewiescht wär , se op Franséisch ze halen .

An dém Kontext eng Remark wat dat Wuert **Dokter** ubelangt:  Zu Letzeburg gin mir bei den Dokter, on ne va pas chez le médecin, wir gehen nicht zum Arzt , mir gin bei den Dokter. Dat Wuert ass also  eng Beruffsbezéchnung, mé en fait ass Dokter-Docteur – en akademeschen Grad , an net all Dokter huet dén an brauch dén fir kennen ze execéiren.. Sou hun mir also Dokteren déi Dr sin an Dokteren – wéi soll ech soen – déi Mediziner sin, an den Collège médical muss doriwer wachen… en Alldagsprobleem fir eis. , net emmer verständlech!




Mir hun natîrlech och **international Relatiounen** an e regelmässegen Austausch mat den Ordres vun den europaeeschen Länner zB vir d'Dokteren am Kader vum CEOM, fir Zenndokteren FEDCAR, regelmässeg 2 Réuniounen am Joer

Gelegentlech get **d'Fro** vum Senn an Zweck , dem **utile et nécessaire,**vun engem Ordre professionnel opgeworf, - an doriwer eraus - vun engem spezifeschen droit disciplinaire respektiv enger spezifescher Déontologie fir d'Professions de santé, zB an der Schweiz get et keen égentlechen Ordre.

Géifen d'Gesetzer vun der Zivilgesellschaft, civil, pénal.. net duer goen fir d'Professions de santé ze réguléiren ?

***Jean Christophe Rufin:***

- « La médecine a toujours existé, elle existait longtemps avant de disposer d'une thérapeutique efficace, elle n'est donc pas réductible à une science.
- La médecine c'est l'accompagnement de l'humain, par un engagement et par le savoir, c'est une branche de la culture, une branche également du savoir philosophique »

Ech zitéiren den **Jean-Christophe RUFIN**, écrivain, membre de l'Académie française, ancien diplomate, de formation médecin, souguer neurologue, a lang an der action humanitaire engagéiert :

« *La médecine a toujours existé, elle existait longtemps avant de disposer d'une thérapeutique efficace, elle n'est donc pas réductible à une science.*

*La médecine c'est l'accompagnement de l'humain, par un engagement et par le savoir, c'est une branche de la culture, une branche également du savoir philosophique* »

D'Medizin touchéiert extrem vill Domänen vun onser Gesellschaft, an hirt Ausüben erfuedert vun den Praktiker en immense sozialen Engagement.

Duerfir brauch si och eng speziell Déontologie, fir déi

den Ordre den noutwendege Garant ass.

Den Ordre ass awer och en indispensablen Partner vun den Autorités publiques, wéi am Gesetz och festgehalen, an e spillt eng wichteg Roll an der Regulatioun vun der Professioun, hirer Ethik, hirer Formatioun an Kompetenz.

Fir seng Aktioun a Missioun ze erfellen brauch hien eng gewess Freihét, an seng Ménung ass noutwendeger- an sennvoller Weiss - net emmer déi vun den politeschen Autoritéiten an och net emmer déi vun enger Organisatioun vun Dokteren mat méi gewerkschaftlechen Kompetenzen.

Wat sin **Defien** vun der Ausübung vun enger Profession de Santé, wéi se sech an dénen nächsten Joerzengten waerte stellen a wat fir eng Roll bleiwt den Akteuren, déi jo sollen vun hirem Ordre iwerwacht gin.

**D'gesellschaftlech Defien vun der Medizin** an hirer Ausübung , axéiert op eng médecine personnalisée, wat de recueil vun enger enormer Quantitéit vun **Daten** iwer d'Persoun erfuedert, sin -wéi der all wesst – déi vum




fulminanten Progrès vun der **Technik** an der Medizin, zB an der Imagerie, an der Genetik, si sin déi fun der **Digitaliséirung** an der Robotiséirung,



*Je serais arrivé plus tôt si on n'avait pas commencé à me soigner quand j'étais plus jeune*

déi vun enger emmer méi **langer Liewenserwardung** vun der Populatioun mat chroneschen an degenerativen Krankeeten,  an -last but not least – wéi kennt et och net anescht sin- déi vun dem **Coût vun dém Ganzen**.




Wéi brengt eng **solidaresch Gesellschaft** et faerdeg, besonnesch wann mir un déi globaliséiert Welt denken, an daer et vill Populatiounen get déi kaum Accès hun un soins de santé, och hei an dem reichen Letzebuerg, ze garantéiren dat jiddferen en universellen an équitablen accès un déi beschte Versurgung kritt. **« La santé n'a pas de prix, mais elle a un coût »**

An duerfir erliewen mir, wat ons schwéier fällt, eng emmer méi **gestion économique des soins de santé**, wat dozou féiert dass mir ons bewegen - am Ausüben fun eisen Beruffer- zu dém, wat én kennt nennen :



SERMENT D'HIPPOCRATE

Je jure par Apollon, médecin, par Esculape, par Hygie et Panacée, par tous les dieux et toutes les déesses, les prenant à témoin que je remplirai, suivant mes forces et ma capacité, le serment et l'engagement suivants : je mettrai mon maître de médecine au même rang que les auteurs de mes jours, je partagerai avec lui mon avoir, et, le cas échéant, je pourvoirai à ses besoins ; je tiendrai ses enfants pour des frères et, s'ils désirent apprendre la médecine, je la leur enseignerai sans salaire ni engagement.

Je ferai part des préceptes, des leçons orales et du reste de l'enseignement à mes fils, à ceux de mon maître, et aux disciples liés par un engagement et un serment suivant la loi médicale, mais à nul autre.

Je dirigerai le régime des malades à leur avantage, suivant mes forces et mon jugement, et je m'abstiendrai de tout mal et de toute injustice.

Je ne remettrai à personne du poison, si on m'en demande, ni ne prendrai l'initiative d'une pareille suggestion ; semblablement, je ne remettrai à aucune femme un pessaire abortif.

Je passerai ma vie et j'exercerai mon art dans l'innocence et la pureté.

Je ne pratiquerai pas l'opération de la taille, je la laisserai aux gens qui s'en occupent.

Dans quelque maison que j'entre, j'y entrerai pour l'utilité des malades, me préservant de tout méfait volontaire et corrupteur, et surtout de la séduction des femmes et des garçons, libres ou esclaves.

Quoi que je voie ou entende dans la société pendant l'exercice ou même hors de l'exercice de ma profession, je tairai ce qui n'a jamais besoin d'être divulgué, regardant la discrétion comme un devoir en pareil cas.

Si je remplis ce serment sans l'enfreindre, qu'il me soit donné de jouir heureusement de la vie et de ma profession, honoré à jamais parmi les hommes ; si je le viole et que je me parjure, puissé-je avoir un sort contraire !

**« aux antipodes du Serment d'Hippocrate » :** engerseits den totalen Asatz vun allem au bénéfice du malade, op der anerer Seit sech awer och bewosst ze sin senger Responsabilitéit vis-à-vis vum Coût dén dat bedeiten kann, dén dann op d'solidaresch Gesellschaft zreck fällt.



Ech well och hei déi üblech Kloen vun onsen Beruffer kuerz widerhuelen : mir leiden enner

enger **Iwerréglementéirung,**

enger **Judiciarisatioun**,




*Bien que ça ne semble pas sérieux, je vais tout de même surveiller ça de près, afin de m'assurer que ça ne dégénère pas en poursuite judiciaire.*

engem **administrativen** Opwand,

engem **Carcan conventionnel,**





alles Sachen déi sech op den

**« Colloque singulier entre médecin et malade** », seng mutuell Libertéiten, seng relation de confiance, a séin noutwendegen Zeitobwand duerfir auswirken.





Dén noutwendegen Colloque welle mir awer erhalen, woufir mer och elo schwetzen vum **Patient als Partner,** wat awer och fir dén bedeit als **Responsabel !**




D’Zeit vun der **patriarchalecher Medizin**, -haut kennt én soen matriarchaler Medizin -, well d’Féminisatioun vun eisen Beruffer sech duerchsetzt, ass gottseidank eriwer, och wann si fir munch  Kranken de Virdeel hat, sech gebuergen ze fillen.

An enger Gesellschaft wou elo d’Wessen iwerall zirkuléirt an accessibel ass, ass den Kranken , Patient, Usager, Consommateur, Bénéficiaire de soins ou de prestations, wéi en haut genannt get, zurecht wesentlech méi kritesch gin, mais de falschen Glawen un sophistikéirt Technik an d’Omnipuissance vun der Medizin mat « No Risk », d’Tendenzen an onser Gesllschaft sech als Individuum emmer méi ze déresponsabiliséiren, d’Striewen noo der Schéinheet, der Esthétique




an doriwer eraus dem **Bien-être total,**

- an dat méiglecher- weis och nach **gratis**-

féiert souwuel bei munchen Prestataires de soins wéi och bei de Bénéficiaires de soins, **zu Deriven**.

Wei heescht et sou schéin:

« Dans un monde où tout paraît gratuit, tout le monde se sert au buffet »,

an an dém Senn warnen mir och virun dem Afféire vum **Tiers payant <u>généralisé</u>**, dén den **consumérisme** am secteur de santé nach waert verschlemmeren , bei den usagers an de prestataires vun eisem sytème de sécurité sociale, well e virgaukelt medizinesch Leeschtungen waeren **gratis** , an domat besteet Gefor dass se **net méi respektéiert** gin.

Eng Remark och unzewenden am Débat iwer den Gratis-Transport Public, woubei an dém Fall awer den consumérisme secher ze begréissen wär.

An enger vun der Economie, der Technik, dem Wessen an der Wessenschaft, dem reng Rationellen geprägter Gesellschaft, bleiwt do nach eppes iwreg vun dém, wat d'Medizin sollt sin : **un engagement humain !**

Och den Ordre vun eise Beruffer ass opgefuedert déi hechste Valeur ze erhalen an ze begléden mat dem Duerchsetzen vun der Déontologie, fir dat et net dozou kennt - wéi ech et eng Kéier op der Televisioun aus dem Mond vun enger jonker Doktesch gehéiert hun - :

### *Changing medical care semantics*

| 1969 | | 1999 |
|---|---|---|
| • Medecine | → | Health care system |
| • Medical care | → | Health care |
| • Hospital | → | Health care network |
| • Physician | → | Provider |
| • Profession | → | Business |
| • Patient | → | Client / Consumer |
| • Treatment | → | Product / Service line |

« Der Traumberuf ist zum einfachen Job geworden »

An enger Evolutioun vun der « médecine de réparer vers une médecine d’augmenter (espérance de vie) et de créer (PMA, FIV, Chirurgie esthétique etc.) ce qu’on appelle le **transhumanisme,** l’homme, le médecin créateur.. »

**Wandel der Gesundheitssysteme im 21. Jhdt**

| | |
|---|---|
| • Professional centered | Patient centered |
| • Effectiveness & efficiency | Value |
| • Opinion based | Evidence based |
| • Event | Pathway |
| • Organisation | Network |
| • Structure | System |
| • Clinical practice peripheral | Clinical practice central |
| • Money driven | Knowledge driven |

[Quelle: Sir John Muir Gray, UK, 2004, www.bvhc.co.uk]

wat waert do bleiwen vun dem menschlechen, **« l'humain tel que nous le connaissons »**

Déi traditionnel Roll vum Dokter, Mediziner, sou wéi vum Jean-Christophe RUFIN beschriwen, als dén dén d'Wessen huet an uwennt, an gleichzeiteg den confident empathique vum Patient ass,




mat **sengen Kompetenzen** sech emotional op de Patient anzestellen an **ze communiquéiren an dialoguéiren an dénen richtegen Wieder,** déi dem Erliewen an de Virstellungen vum Kranken entspriechen an e Senn gin, an dén eng alliance thérapeutique mam Patient ageet, waert déi Roll iwerliewen.




Oder waerten mir net awer einfach **Gestionnairen,** Techniker vum Wessen gin , unzewenden op einfach Demande, einfach **Prestataires de service.**

Waer dat net de Verloscht vun der kultureller Dimensioun vun der Medizin, par définition méi no beim reellen Emfeld vum Kranken, zum Preiss vun enger purer technescher a rationneller Kultur.

Ech bleiwen awer optimistesch wann ech kann feststellen wivill Persounen aus eise Beruffer ,

awer och aus der Zivilgesellschaft, sech **humanitär** engagéiren , an ech well hinnen am Numm vum Collège médical d'Reverenz erweisen, stellvertiedend dénen déi hei am Sall vertrueden sin, **Médecins an Pharmaciens sans Frontières,** mat hirem weltweiten Asatz, **Médecins du Monde**, déi och hei zu Letzebuerg um Terrain schaffen fir les plus démunis, a kämpfen fir en accès universel aux soins médicaux, d'Ong **ADS, Aide au Développement de la Santé,** mat hiren kardiologeschen Projets am Vietnam, Cambodge a Laos, an et gin och nach vill Eenzelkämpfer déi ech hei secher

vergiessen.

An net ze vergiessen all déi jonk Leit déi sech haut nach duerch e laangt an schwieregt Medizinstudium ploen , an nach eng lang opwendeg praktesch Formatioun machen, fir sech duerno an der Gesellschaft op humanitären a sozialem Plang ze engagéiren




dén **Idéalism** ass nach emmer do !




Mat deser **optimistescher Note** well ech dann ophâlen an iech all eng **gudd Gesondheet** wenschen am Senn vun der bekannter boutade:

**«Mieux vaut avoir une bonne santé que d'avoir un bon médecin »**